

Léiw Komerodinnen a Komeroden,

Ech proposéieren iech fir den Kader ze setzen mol een méiglechen Résumé vun der Regiierung hiirer Klimapolitik : Lëtzebuerg ass een Räiskäer deen grandios ass well en am Covid Joer seng selwer gesaten Klimaziler erreescht huet an frou doriwer ass obwuel d'Wëssenschaftler eis et schwuarz op wäiss ginn datt déi Ziler net duerginn fir bei 1,5° Klimaerwärmung ze bleiwen.

Wann een sech dat esou op der Zong zergoen léisst dann mëscht mech dat einfach mol fir d'éischt immens roosen.

Et ass och vis-à-vis vun där Ofgehuewenheet an Arroganz vun Blo-Rout-Gréng wou d'Vertrauen an d'Politik ëmmer méi ofhëllt. Wann sie et matt der Montée vun rietsextremen Tendenzen nach emmer net kapéiert hunn datt d'Vertrauen vun de Leit den Brennes vun enger Demokratie ass dann hunn se selwer d'Skepsis geniert déi zënter der Pandemie vill ze vill Leit onverifizéiert Sourcen am Internet ausliwert an eis während der ganzer Kris an elo nach am Wee steet fir do eraus ze kommen.

Mäer brauchen weider méi Impfungen an et gëllt d'sanitär Mesuren nach ëmmer sënnvoll anzesetzen fir déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft ze schützen ! Zënter e Mettwoch hunn mäer dann och d'wëssenschaftlech Confirmatioun datt et déi matt den niddregen Léin sinn déi méi stuark vum Coronavirus getraff gi sinn. Während der ganzer Kris hunn mäer drop opmierksam gemaach datt schlecht Wunnkonditiounen an schlecht Aarbechtsbedingungen déi Leit déi schon Schwiiregkeeten hunn fir iwert d'Ronnen ze kommen méi engem groussen Risiko ausgesat ginn an dëser Pandemie. Konkret dréckt sech dat zum Beispill doranner aus datt bei den 20 % matt den niddregsten Léin d'Hospitalisatiounen duebbel esou heefeg sinn wéi bei den 20 % matt deen Heechsten Léin. An déi Leit schaffen zum groussen Deel grad an deenen Beruffer déi sech an dëser Kris als essentiell erwissen hunn. Sie brauchen dofir net just een Merci, et geet net duer hinnen ze klappen, mee et brauch eng strukturell Verbesserung vun hiiren Aarbechtskonditiounen an dofir steet déi Lénk an !

D'Regiierung huet déi Leit awer allzeoft am Reen stoen gelooss ! Am Nettoyage, engem vun deenen betroffenen Beruffer laut Uni.lu gëtt nach ëmmer just den onqualifizierten Mindestloun un d'Botzpersonal, majoritär Fraen, bezuelt. Dofir müssen se awer emmer méi an emmer méi kuerzer Zäit maachen ennert dem Drock vun e puer groussen Firmen un déi och vill ëffentlech Servicer bei Staat an Gemengen hiiren Nettoyage outsourcen. Dank déi Lénk huet déi Praktik elo an der Chamber een Enn. Dësen Trend muss op allen Plazen gedréint ginn an d'Regiierung steet an der Pflicht fir dofir ze suergen datt och am Nettoyage d'Beruffserfaarung fir den qualifizierten Mindestloun ze kréien ugerechnet gëtt. Een aaneren Beruff deen verstärkt ënnert der Kris ze leiden hat wuar natiirlech an der Santé,

respektiv bei den Infirmièren an Infirmieren am spezifischen. Ma trotz dem Konsens beim Constat, datt et méi qualifizéiert Personal hei brauch dat och méiglechst laang am Beruff bleiwt huet d'Regiierung laanscht d'Leit aus dem Beruf nëmmen eng hallew Saach decidéiert. Et soll zwar een Bachelor agefouert ginn mee den aktuellen Ausbildungswee fir Infirmièren soll och bestoen bleiwen. Minister Meisch, Dialog an Unerkennung gesäit aanescht aus ! Dëst nëmmen e puer Beispiller wéi een dat erwähntent Vertrauen an d'Politik verspillt, zeréckgewannen kann een et dann och net matt Drock an moraleschen Lektionen wéi et elo fir d'Impfungen probéiert gëtt. Nee, Vertrauen gewënnt een an der Politik duerch Transparenz an oppenen Dialog an eng aktiv a biergerno Informatiounspolitik déi och dësen zwou erwähnten Prämissen gerecht gëtt. D'Informatiounskampagnen un privat Entreprises vun der Finanzplaz outsourcen wuar wéi mäer et elo gesinn hunn net nëmmen wéineg effikass mee doriwer eraus och nach eng verpassten Chance fir als Gesellschaft méi resilient ze ginn am Fall vun esou Krisen. Dofir hätt et neemlech vill méi d'partnerschaftlecht abannen vun den Communautéiten an Associatiounen um Terrain gebraucht an domadder och eng aktiv Zësummenaarbescht matt den Gemengen.

Wann ech deen Emgang matt der Covid Kris elo extrapoléieren op den Emgang matt der Klimakris dann grujelt et mäer.

Well d'Klimaerwärmung ass jo eng Evidenz, déi kréien mäer net méi evitéiert, et ass ouni radikale Changement elo just nach d'Fro wéivill iwer 1,5° gëtt d'Erwärmung an wéivill Kippunkten iwerschreiden mäer. Wat d'Zuel hannert dem Komma méi héich gëtt, wat och d'Konsequenzen voir d'Unzuel vun den Doudegen méi héich gëtt.

Erem sinn et déi Vulnerabelst, déi Äermsten, déi am Meeschten drënner leiden wäerten. Matt 4 liberalen Parteien déi par rapport zu dëser Evidenz sech kaum ennerscheeden an wäerten drun festhaalen fir den Exzess vun Ressourcenverbrauch heechstens méi deier ze maachen amplaz en z'ënnerbannen oder déi Patenter trotz enger Kris wellen protegéieren amplaz se am Intérêt vun den meeschten Leit fräizeginn fir esou méi schnell méi Leit kënnen ze hëllef wäerten mäer weder de Klimaschutz nach d'Adaptatioun un d'Konsequenzen vun der Klimaerwärmung hikréien.

Virun allem awer wäerten mäer als Gesellschaft net resilient genuch sinn fir dat wat do op eis duerkënn wann mäer net elo ufänken den Operating System op deem eis Gesellschaft leeft nei z'entwéckelen. Den Kapitalismus, an dat nach méi verstärkt zënter der Editioun « Neoliberalismus », huet eis zu ëmmer méi individualiséierten Wiesen gemaach fir déi Wuelstand oft bedäit kënnen emmer méi materiellem Konsum nozegoen an Fräiheet bedäit, just no sech ze kucken ouni d'Responsabilitéit fir sech, déi aaner an d'Welt z'assüméieren. Dëst gesi mäer an der Covid-Kris wann gudd situéiert Leit fir sech individuell entscheeden hiirt Immunsystem matt Mantra-Sangen an Vitaminpëllen ze stärken amplaz sech impfen ze loosse ouni ze Bedenken datt een deen an der Fabrik bei wéineg Dagesluucht awer Kaméidi an Dreck ausgesat schafft an an enger klénger Wunnéng ouni Quart op enkem Raum matt senge Kanner wunnt säin Immunsystem net am selweschten Mooss kann stäerken fir datt heen déi selwescht Chancen huet den Virus deen dann nach circuléiert ouni weider Schwiiregkeeten z'iwërstoen.

Mam Klimawandel stellen sech ähnlech Froen am Equiliber zwëscht der individueller Fräiheet an der Responsabilitéit déi een bereed ass z'assüméieren.

Déi eng kënnen sech et elo leeschten fir mam elektronischen SUV aus dem Passivhaus aus enger Cité am Speckgürtel vun der Stad op d'Aarbescht ze fueren obwuel en gratis mam öffentlechen Transport een gudden Uschloss hätt wann aanerer all Dag mussen km'en an km'en op sech huelen fir matt engem aalen Dieselauto, wëll zu Freckeisen oder hannert der Grenz keen öffentlechen Transport ass, op d'Aarbescht ze fueren an doheem an engem Haus vun der Energieklass G matt Mazout ze hëtzen.

D'Aarmut hei am Land huet dann och weider zougeholl, an dat leit net just un Corona, dat ass een Trend, dat huet System hei zu Lëtzebuerg zënter opmannst 10 Joer an mäer sinn fir 2019 och no sozialen Transferten bei 17,5 % vun den Stéit déi ënnert den sougenannten Uarmutsrisiko falen. Mee Uarmutsrisiko ass nach schéin geschwuat, an enger Gesellschaft wou déi ganz héich Revenu'en ëmmer méi fortlaafen an déi niddreg Revenu'en ëmmer méi stagnéieren an paralell d'Wunnéngspräisser explodéieren muss een och d'Kand beim Numm nennen an vun regelrechter Uarmut schwätzen ënnert d'äer ëmmer méi Leit, virun allem familles monoparentaux leiden. Deem Géigeniwer, no iwer 15 Joer Retard stellt d'Familienministerin elo och nach a Fro op d'Kannergeld endlech bei der nächster Index-Tranche ugepasst gëtt oder blann eréischt ab dem Stéchdatum Januar 2022. Fir déi Lénk däerf d'Regiirung do net laang zécken, des nächst Indextranche an all déi Indextranchen déi zënter 2006 fälleg gi sinn mussen retroaktiv den Familjen ausbezuelen ginn, grad elo no den villen Einbüssen déi d'Leit matt der Pandemie hu missten maachen !

Béid Fakteuren, Aarmut laangfristeg an Corona kuerzfristeg wierken sech dann och op d'mental Gesondheet vun den Mënschen aus, zwee vun villen Aflëss déi an enger ëmmer méi atomiséierter an schnelligeweger Gesellschaft ëmmer méi Leit den Buedem ënnert den Féiss ewechzitt. Et ass regelrecht een Hohn datt nach ëmmer keng Psychotherapien rembourséiert ginn vun den Gesondheetskees an datt een wann een op Hëllef ugewissen ass wéinst Mangel un Psychiatren an allgemeng genuch an passend Therapieplazen muss warden oder erem schnell eraus muss wann een dann an der Urgence mol opgeholl ginn ass !

Wann dann trotz dësen Onzoulänglechkeeten an de Krisen, vun Covid iwer Wunnen bis hin zum Klima Défense-Ministeren vun fir d'éischt enger LSAP an elo de Gréngen näischt besseres ze dinn hunn wéi déi gréissten militäresch Oprëschtung déi eist Land je kann huet weiderzebréngen, ja dann léiw Komeroden an Komerodinnen gëtt meng Roserei ëmmer méi grouss. Ganzer 430 Milliounen, also 0,65 % vum PIB huet Lëtzebuerg 2020 an Krichsgeschirr gestach an dat wäert bis 2023 nach weider klammen op 0,73 % , also virraussiichtlech eng hallew Milliard. Zënter 2020 leit domadder den Militärbudget schon iwert dem Budget fir Entwécklungshëllef! Alléng zënter dem Ausbroch vun der Covid19-Kris huet dës Blo-Rout-Gréng Majoritéit fir eng Milliard € Projeten votéiert an do kommen elo nach 300 Milliounen fir nei Hummeren bei. Dat Ganzt ass awer net nëmme gudd fir der NATO kënnen all Joer eng Erhéigung vum Budget ze mellen, nee, Lëtzebuerg soll sech dann och méi an méi dorunner bedeelegen fir offensiv fir d'Interessen vun europäeschen Konzernern ausserhalb vun Europa ze kämpfen. Nom Mali sollen eis Leit och elo an den Mozambique an an den Irak an och wann et am Mozambique kloer drem geet fir den Ofbau vun Gasvirkommen fir TotalEnergies ofzesëcheren, gëtt eis dat Ganzt esou verkaf wéi wann et em Wäerter wéi Menscherechter geet. Spéitstens zënter dem Fiasko am Afghanistan misst awer kloer sinn datt een Wäerter net matt Waffen exportéiert an d'ëscht schon guer net wann et keen Plang gëtt fir d'Ongerechtegkeeten opzehiewen. Fir déi Lénk ass dës

Oprëschtungspolitik kontraproduktiv, dofir sollen dës Gelder villméi sënnvoll an den Klimaschutz an an d'Entwécklungshëllef investéiert ginn.

Léiw Komerodinnen an Komeroden, ech wees, mäer maachen schon laang op dës laang Lëscht vun Ongerechtegkeeten opmierksam, et ass net nei wat mäer soen mee wann een dann méi evident denn je gesäit datt duerch déi Politik eis Jugend net nëmmen iwert een Joer immens gelidden huet ënnert Corona mee och nach Angscht muss hunn keng Wunnéng ze fannen a wann een se fënnt datt een se iwerschwemmt kritt dann gëtt et emsou méi héich Zäit datt radikal emgeduescht gëtt an endlech gehandelt gëtt !

Gëschter nach wuar Konsens um RTL Radio zwëscht den parlamentareschen Big4 datt eng Spekulationssteuer muss kommen an awer ass se net muar an och net iwermuar do wann se dann iwerhaupt nach des Legislatur kënnt. Grad esou schleppend geet et mam Bau vun abordablen Wunnéngen duerch den Stad an d'Gemengen weider. D'Mietgesetz esou z'iwerschaffen datt d'Loyeren wiirkelech limitéiert ginn wuar dann och zevill gefroet vun enger Regiirung déi sech awer net midd gëtt ze soen datt onbedengt eppes am Logement muss geschéien.

Ma et gëtt och Grond zur Hoffnung !

Den Klimastreik virgëschter deen obwuel d'Rentrée eréischt virun 10 Deeg wuar an trotz Corona een Erfolleg wuar, d'Wunnrechtsdemo'en an déi aberzuel vun klengen lokalen Initiativen déi een aanert Produzéieren, Wirtschaften an Zësummenhalen demonstréieren weisen datt d'Onzefriddenheet ëmmer méi grouss gëtt an de Wonsch no Verännerung vun emmer méi Leit gedroen gëtt.

Wat nach feelt ass d'Bewosstsäin datt d'Recht op eng gudd Aarbescht, den Zougang zu Wunnraum, gesonder Ernährung, Energie, Waasser, Mobilitéit, Kultur a gudder Edukatioun mam Klimawandel an der Biodiversitéit verbonne sinn.

Se hunn déi selwescht Ursaach, nämlech d'Surexploitatioun vun der Aarbescht an vun der Natur duerch den Kapitalismus.

An et gëtt eng gemeinsam Léisung fir do erauszubriechen: datt déi, déi vun hiirer Lounaarbescht ofhängeg sinn an an den ennerschiddlechen sozialen an ekologeschen Kämpf engagéiert sinn fir Klimaschutz, besser Aarbechtskonditiounen, géint Rassismus, fir Fraenrechter an fir Fridden zësummen den Drock oppauen fir datt eng demokratesch, ekologesch an sozial Planung vun Produktioun, Verdeelung, Mobilitéit an Urbanismus kann d'Weichen stellen fir aus den aktuellen Krisen erauszekommen.

Eng éischt Weich kann direkt geholl ginn an ass schon laang iwerfällleg: Den Iwerschoss vun den Pensiounsbeiträg, Beiträg déi vun eis allen hei kommen an matt deenen den Pensiounsfong zënter Joeren schon spekuléiert muss aus allen klimaschiedlechen Aktivitéiten erausgezunn ginn. Mäer proposéieren jo schon laang datt domadder soll bezuelbaren Wunnraum hei zu Lëtzebuerg geschaf ginn. Nodeems déi Lénk virun iwer 10 Joer schon op inkohärent an inakzeptabel Investitiounen vun dësem Pensiounsfong an Streebommen opmierksam gemaach huet sinn et zënter Joeren och d'ONG'en an Umweltorganisatiounen déi fuerderen datt dës Investitiounen klimaneutral mussen sinn. Datt déi aktuell Blo-Rout-Gréng Majoritéit do nach eng Studie gebraucht huet ass just een Spill op d'Zäit, op allefall kommen se elo net méi laanscht d'Evidenz an déi Verschleefungstaktik muss elo ophaalen.

Et muss och opgehaalen ginn esou ze maachen wéi wann déi ganz GreenFinance een positiven Impakt op d'ekologesch Transitioun hätt, eng Greenpeace Studie weisst ganz kloer datt dëst net méi wéi eng Marketing Strategie vun Lëtzebuerg ass an vläit dem Nation Branding déngt, awer net dem Klimaschutz !

Et brauch dann och endlech eng Arbechtszäitverkierzung matt vollen Lounausgläich fir d'Produktivitéitsgewënner un déi ze verdeelen déi d'Aarbescht leeschten. Fir klimaneutral Liewen, fir Wuelbefannen, fir CARE Aarbescht brauch et nierwt d'äer emmer méi kompriméierter an intensiver Arbechtszäit deen längst iwerfällegen Ausglach an een kruzialen Bestanddeel vun enger ekologescher an sozialer Transformatioun vun eiser Gesellschaft.

Et ass net d'Plaz hei fir een ganzen Programm duerzeléen, ma een Beispill well ech nach ginn wou deen ekologeschen an sozialen Embau méiglech an néideg ass, dat ass bei der energetescher Sanéierung vum Altbau. Do wou Blo-Rout-Gréng just Primen un déi verdeelt déi genuch Finanzkraaft hunn fir soit een gudden Deel virzestrécken, soit bei der Bank säin Dossier duerchzekréien fir een Prêt ze maachen an dann och nach den néidegen capital culturel huet fir all déi technesch an administrativ Hürden ze pakken hunn mäer virun engem gudden Joer een Modell abruescht, deen de Gemengen an de Leit een Service Public de l'Habitat zur Säit stellt fir je no Situatioun n'et nemmen eng gudd Begleedung mee och een sozial gerechten Finanzéierungsmodus unzebidden matt deem jiddereen sech et kann leeschten fir seng Heizkäschten massiv erofzedrécken an d'Klima ze schützen. Et ass an der Altbauanéierung wou nierwt dem Autosverkéier an der Industrie am meeschten Aspuepotential vun Emissiounen besteet an et ass do wou trotz héigen Primen d'Saach net vum Fleck kënnt.

Léiw Komerodinnen an Komeroden, et leit an eiser Hand an all deenen déi sech matt eis fir eng sozial an ekologesch gerecht Welt asetzen fir datt Lëtzebuerg net nëmmen een Räiskäer ass mee een Sandkäer am Getriebe vum Kapitalismus gëtt an een Somkäer vun enger grousser ekologescher an sozialer Transformatioun.